


# SYN- ER- GIE

September 2018 / n°48


De Regionalmagazin Atert-Wark vum Réidener Kanton



Syndicat Intercommunal  
"De Réidener Kanton"



**Ze gewannen:  
3 Aboboxen Trio  
Vun der Atert!**



**FLEESCH VUN DER ATERT**  
**D'solidaresch Abobox mat  
exzellentem Fleesch aus dem  
Réidener Kanton.**

D'Kooperativ Vun der Atert  
proposiert 3 verschidden Sorten  
solidaresch Aboboxen, mat oder  
ouni Poulet(en), an dat 4 x am Joer,  
verschnidden, etiketiert  
a verpaakt (sous-vide).



**VUN DER ATERT S.C.**

**Vun der Atert s.c.**

6, Jos Seylerstrooss - L-8522 Biekerech  
T +352 671 23 62 43 - vunderatert@gmail.com

[www.vunderatert.lu](http://www.vunderatert.lu)

ABOBOXEN  
LIMOUSIN  
ANGUS  
BIOBAUER

SCHWÉNGEFLEESCH  
MARQUENATIONALE  
FLECKVÉIH  
POULET

METZLERMATHIEU  
SOUS-VIDE  
TIERWOHLSEIN

Le principe est simple: placez dans la grille chacun des mots repris dans la liste et découvrez le mot mystère. Quelques lettres sont déjà placées pour vous aider. Complétez le bon de participation en n'oubliant pas d'indiquer le mot mystère ainsi que vos coordonnées. Renvoyez le coupon de participation avant le 30 octobre 2018 par courrier. Les gagnants seront désignés par tirage au sort parmi les bonnes réponses reçues et sera avertis par courrier. Le résultat sera publié dans l'édition de décembre.

**MOT MYSTÈRE**  
**COUPON-RÉPONSE**

		N				T		
--	--	---	--	--	--	---	--	--

Nom & Prénom \_\_\_\_\_

Rue & numéro \_\_\_\_\_

Localité \_\_\_\_\_

Email \_\_\_\_\_

Tél. \_\_\_\_\_

**SYNERGIE**

p/a Art & Wise s.à r.l.  
6, Jos Seylerstrooss  
L-8522 Beckerich

**RESULTAT**

**VUM MOT MYSTÈRE  
AUS DEM SYNERGIE 47**

- Heynen Monique**  
Schandel
- Hemmer Monique**  
Eil
- Felice Fabienne**  
Mertzig
- Goergen René**  
Redange
- Heyrath Johny**  
Vichten

**gewannen jeeeweils 1 Buch  
„Natur für jeden Garten“  
von Reinhard Witt**



**SYNERGIE**



CONTRAT DE RIVIÈRE  
**ATERT**  
FLUSSPARTNERSCHAFT





# SOMMAIRE

## IMPRESSUM

Rédaction, direction artistique,  
illustration, mise en page  
& suivi de production  
Art & Wise s.à r.l.

Editeur responsable  
Art & Wise s.à r.l.

Impression  
Imprimerie Reka s.a.  
Imprimé sur papier Cocoon  
Offset  
100% recyclé

Renseignements  
& réservations  
T +352 23 62 43-20  
info@artandwise.lu

© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute  
reproduction, ou traduction,  
intégrale ou partielle, est  
strictement interdite sans  
autorisation écrite au  
préalable de l'éditeur.

Prochaine parution  
novembre 2018

Clôture annonce  
début novembre 2018

Tirage  
11.500 exemplaires

Magazine régional d'information  
bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l.  
en collaboration avec le Syndicat  
Intercommunal du Réidener  
Kanton et le Groupe d'Action  
Locale Leader Atert-Wark.



Fonds européen agricole pour le  
développement rural: l'Europe  
investit dans les zones rurales.



2 **KLIMA-INTERVIEW  
GEMENG USELDENG**

5 **KLIMAFRÉNDLECH  
AKTIVITÉITEN AN DER  
USELDENGER GEMENG**



7 **WAASSER AN DER  
USELDENGER GEMENG**

10 **D'DRÉNKWAASSER  
VUN DER DEA**

12 **ZWEI UNTERSCHIEDLICHE  
SCHICKSALE VON FRAUEN  
AUS USELDINGEN**

14 **HOLA GRINGGO!  
MIR STELLEN EIS (VIR)!**



18 **ZEFRIDDEN TEENAGER?  
CHECK! MEGA SUMMER  
AM TREFF ZU RÉIDEN**

20 **VUN DER ATERT  
VIZEREI & GAART-À-VOUS**

22 **SANI DESIGN  
ENG SUCCESSTORY  
VU NOJEM**



24 **LIONS COLLECTE  
POUR LA BANQUE  
ALIMENTAIRE**

25 **OP DER SCHOCK**

26 **CUBE 521**



28 **KROPEMANNSFEST**

32 **AGENDA**



De Schäfferot vun der Gemeng Useldeng: Christian Frank (2. Schäffen), Pollo Bodem (Buergermeeschter) & Pierre Da Silva (1. Schäffen)

# KLIMA-INTERVIEW GEMENG USELDENG

Wat soen eis nei Gemenge-Responsabel zum Klimaschutz?



Gemeng  
Useldeng



**KlimaPakt**  
meng Gemeng engagéiert sech



**Syndicat Intercommunal  
„De Réidener Kanton“**

Caroline Schmit  
Conseillère Pacte Climat  
43, Grand-Rue  
L-8510 Redange/Attert  
T +352 26 62 08 01 22  
caroline.schmit@reidener-kanton.lu  
www.klima.lu

**Wat wëll är Gemeng di nächste 6 Joer fir de Klimaschutz maachen? Wat sinn är Ziler am Klimapakt?**

Eng un eise Prioritéiten ass d'Berouegung vum Verkéier an eisen Uertschaften, all eis Gemengestroosse ginn 30er Zonen a mir maache grouss Efforte fir de Schoulwee méi sécher ze gestalten. All Bierger aus eiser Gemeng soll d'Méiglechkeet hunn sécher vun doheem an den Duerfkär ze trëppelen. Doru schaffe mir elo.

Weiderhi wäerte mir och eis kommunal Stroossebelichtung op LED ëm rüsten.

All zwee Joer organiséiere mir eis Aktioun vun der Uebstbam-Verdeelung, wou all Awunner een Uebstbam fir

näischt kritt fir am Gaart unzeplanzen. Mir hunn di leschten 6 Joren 713 Beem verdeelt. Zesumme mat der Bedeelegung vun eise Bierger plangen mir d'Alentoure vum Fussballsterrain nei an eis öffentlech Plaze wéi och d'Spillplaze sollen opgewäert ginn.

**Wéi versicht Dir är Awunner mat an d'Klima-Boot ze kréien an ze motivéiere matzemaachen?**

Eis Gemengenzeitung, de Ripevusch, ass ee ganz staark Organ no baussen. Hei stinn immens vill Informatiounen zum Thema Energie, Klima asw dran. Mir ginn och eise Bierger d'Méiglechkeet Artikelen am Ripevusch ze publizéieren, déi dës Thematik ëmfaassen.





Mir als Gemeng gi mam gudden Beispill vir a mir hoffen, dass eis Bierger esou encouragéiert gi fir mat ze hëllefen eis Klima-Ziler ze erreechen.

Eis Bierger haten an de leschte Joren e puermol d'Méiglechkeet fir an Anlage vun erneierbaren Energien ze investéieren, wéi d'Photovoltaikanlag op eiser Useldenger Kierch oder d'Holz-hackschnëtzel-Anlag an eisem neie Gemengenzentrum zu Useldeng.

### **Wat sinn di wierkungsvollst Klima-Projeten, déi Dir an der Vergaangenheet ëmgesat hutt?**

Mir waren di 2. Gemeng vum Norden am Land, déi eng LED-Beliichtung um Fussballsterrain krut. A punkto Offall-Management ass och vill geschitt, mir hunn de Label vun der Superdreckschécht krut fir eis kommunal Gebaier a mir hunn eng Aktioun gehat wou d'Bierger hier Dreckschécht fir eng méi kleng konnte gratis austauschen. All eis Gemengebëscher sinn FSC zertifizéiert.

Eise neie Gemengenzentrum Weidfeld ass am Passivhausstandard gebaut ginn a wéi gesot hu mer hei ee Pilotprojet mat Biergerbedeelegung fir d'Holzheizung erfollegräich ëmgesat. Hei gétt och den Heckeschnëtt energetesch genotzt.

Zwee weider Gemengegebaier - d'Fussballvestiaren an d'Crèche/Epicerie - ginn zënter dräi Joer mat Pellets gehëtzt. Momentan gétt nach ee Wärmenetz mat enger Pellet-Heizung am Duerfkär installéiert, wou weider kommunal Gebaier ugeschloss ginn. Zwee vun dese Gemengegebaier, di al Tannerie an di al Schoul, ginn de Moment ëmgebaut fir eng nei Notzung ze kréien: een Touriste Gite respektiv ee Business-Center fir jonk Entreprises.

Lafend ginn eis innerörtlech Fouss-Weeër ausgebaut a verbessert.

### **Wat sinn ärer Meenung no méiglech Léisunge fir Lëtzebuerg an der Klima-Politik?**

Mir müssen ewech vum Atomstroom an di erneierbar Energië müssen sech séier entwéckelen. De Lëtzebuerger Staat huet sech engagéiert fir d'CO<sub>2</sub> Emissiounen ze reduzéieren. Mir wëllen awer och betounen, dass Lëtzebuerg sech muss Gedanken maachen an et muss garantéiert ginn, dass di nei Technologien och fiabel sinn. Hei stellt sech ënner anerem d'Fro vum Recyclage vun z.B. de PV-Anlagen. Dës Problematik soll transparent kommunizéiert ginn an et musse séier Léisunge fonnt ginn.

Dobäi soll awer och gesot sinn, dass den Ofbau vun den Atomkraftwierker an d'Entsuegung vum radioaktive Material nach vill méi problematesch sinn a mir de Problem vun der Entlagerung nach ëmmer net geléist hunn.

### **Wat bréngt der Useldenger Gemeng d'Zesummenaarbecht am Kanton um Niveau vum Klimaschutz?**

Mir hunn extrem gutt Relatiounen mat de Gemenge ronderëm, de Syndikat huet eis vill bruecht, wéi z.B. eist Altersheem, eis Crèche, eis Museksschoul,...

Iwwer de Klimapakt hu mir eng gemeinsamen Klimapaktberoderin agestallt, déi nei Impulser erabruucht huet.

### **A elo huet jidderee vun Iech nach ee Wonsch...**

**Pollo Bodem:** „Mëttelfristeg soll eng besser Léisung fir de Recyclage vun den erneierbaren Energie fonnt ginn. Hei ass eng effikass Collaboratioun vun Industrie a Politik noutwenneg.“

**Pierre Da Silva:** „Mir müssen aus der ekologescher Schold, déi mir de Moment eise Kanner a Kandskanner operleeën, erauskommen, fir de Scénario vun enger Faillite ze vermeiden. D'Länner weltwäit müssen gemeinsam eng mënschlech, wéi och eng responsabel nohalteg Politik bedreiwen, et kann net sinn, dass jidder Land seng eegen Zopp kacht.“

**Christian Frank:** „Mir wëllen eise Kanner eng zukunftsfaeg Äerd hannerloossen, an där et sech nach weiderhi gutt liewe léisst.“

## KLIMASCHUTZ-HIGHLIGHTS DER GEMEINDE USELDANGE



2008 Wasserkraftanlage „Am Trémel“ an der Attert in Useldange (Leistung: 32 kW, Produktion: 55.000 kWh/Jahr entspricht dem jährlichen Stromverbrauch von ca. 10 Haushalten)



2011 Gemeinschaftliche Photovoltaik-Anlage auf der Schule

2012-2018 Obstbaumverteilung an die Einwohner

2012 Gemeinschaftliche Photovoltaik-Anlage auf der Kirche in Useldingen

2012-2016 Umrüstung auf LED der kommunalen Strassenbeleuchtung

2014 Ökologische Komplettsanierung und Installation einer Pelletheizung im kommunalen Gebäude Crèche / Epicerie (rue d'Everlange)

2015 Neubau des Gemeindezentrums Weidfeld im Passivhausstandard

2015 Bürgerbeteiligungsprojekt der Holzhackschnitzel-Anlage mit thermischer Solaranlage im Centre Weidfeld



2015 Erstellung eines Energiekonzeptes mit Solar- & Energiekataster, Strategieplan für Sanierungen mit neuen kommunalen Subsidien

2016 Pelletheizung in den Fussballkabinen

2016 Elektro-Auto für den Pförtner-Dienst

2016 LED-Fussballbeleuchtung

2016-18 Bau neuer wichtiger Fusswegverbindungen

2017-18 Wärmenetz im Dorfzentrum mit Pelletheizung & Anschluss von 5 kommunalen Gebäuden



## INTERESSANTE FAKTEN

- > Einwohner (2018): 1867
- > Fläche: 23,9 km<sup>2</sup> (0,93% der Landesfläche)
- > Dichte: 78 Einwohner pro km<sup>2</sup> (Land Luxemburg: 233 Einwohner pro km<sup>2</sup>)
- > Bevölkerungswachstum der letzten 20 Jahre: 44% (Kanton Redingen: 45% / Land Luxemburg: 42%)
- > Anteil der Stromproduktion aus erneuerbaren Energien am Gesamtverbrauch (Nieder- & Mittelspannung 2017): 10% (Kanton: 40%)
- > Anteil Wärme aus erneuerbaren Energien der kommunalen Gebäude (2016): 62%
- > Installierte Leistung von Solaranlagen pro Einwohner (2017): 0,57 kWp pro Einwohner (Kanton: 0,78 kWp)
- > Anzahl der Ortschaften, welche direkt oder über einen kommunalen Radweg ans nationale Radwegnetz angeschlossen sind: 4 von 4 Ortschaften - entspricht 100% (Kanton: 81%)
- > Kommunale Subsidien für: thermische Solaranlagen, Energiekonzept, Dämmung Dach, Keller und Speicher, Regenwasseranlage, Isolation der Heizungsrohre



# KLIMAFRÖNDLECH AKTIVITÄTEN AN DER USELDENGER GEMEING

Die Gemeinde Useldingen besteht aus 4 Dörfern: Everlingen, Rippweiler, Schandel und Useldingen. Auch wenn Useldingen die Gemeinde im Redinger Kanton ist, mit dem kleinsten Waldflächenanteil, so liegen zwei ihrer Ortschaften an der Attert, deren Ufer an diesen Stellen internationale Vogelschutzgebiete sind.

Die Useldinger Burg ist das kulturelle Highlight der Gemeinde, sie wurde 2001 aufwendig saniert und ihr didaktischer Rundgang führt die Besucher durch die gesamte Anlage und vermittelt zahlreiche Infos über das Leben im Mittelalter.

Seit einem Jahr gibt es auch die Touristen-Info im Millenhaff, welche Auskunft über alle Sehenswürdigkeiten und Aktivitäten in der Region gibt.

Diese Seiten geben Ihnen einen Überblick über die Freizeit-Aktivitäten in der Gemeinde Useldingen.

## Didaktischer Rundweg der Burg Useldingen

Die eindrucksvollen Ruinen der Burg mit ihren beiden Türmen erläutern das Mittelalter. Der spektakuläre Blick von der Spitze des Burgfrieds in 28 Metern Höhe und die schön renovierte Krypta mit Erläuterungen zum Hexenprozess der Katrin Theis, die mittelalterlichen Gärten rund um die Burg sowie der alte Friedhof sind nur einige Highlights der 16 Stationen dieses Rundweges. Die Burg ist täglich geöffnet und der Eintritt ist frei.

**Dauer:** ca. 2h

**Schwierigkeit:** mittel (einige Treppen zu bewältigen)

**Offizieller Startpunkt:** in der Krypta befindet sich die 1. Station, der Rundweg kann jedoch überall gestartet werden

Kinderwagen gerecht: nein



## Auto-Pédestre Useldange 1

Dieser Rundweg startet bei der Touristeninformation und führt leicht steigend durch den Hiesel-Wald und über aussichtsreiche Feldwege nach Schandel. Anschließend geht es wieder runter über asphaltierte Wege nach Everlingen. Der letzte Abschnitt ist der idyllischste und führt über einen schmalen bewaldeten Pfad entlang der Attert wieder zurück nach Useldingen.

**Distanz:** 10,8 km

**Schwierigkeit:** leicht

**Startpunkt:** Tourist-Info im Millenhaff, Useldingen

Kinderwagen gerecht: nein (allerdings ist nur der letzte kurze Abschnitt zwischen Everlingen und Useldingen problematisch)



## Wanderwege



## Auto-Pédestre Useldange 2


Auch dieser Rundweg startet bei der Touristeninformation und verläuft ausschließlich über befestigte Radwege nach Rippweiler und Schwebach. Teilweise verläuft der Weg über die alte Bahntrasse der Atterrtlinie.

**Distanz:** 11,6 km

**Schwierigkeit:** leicht


**Startpunkt:** Tourist-Info im Millenhaff, Useldingen

Kinderwagen gerecht: ja



# Fahrrad

In der Gemeinde Useldingen verläuft die PC12 (grüne Linie auf der Karte), also die Piste Cyclable de l'Attert, welche Petingen mit Colmar/Berg verbindet. Daneben wurden in den letzten Jahren noch kommunale Radwege (rote Linie auf der Karte) ausgewiesen, welche über für den motorisierten Nicht-Anrainer Verkehr gesperrte Feldwege verlaufen. Alle Ortschaften der Gemeinde Useldingen sind somit ans Radwegnetz angeschlossen.



Durch die Gemeinde Useldingen führt auch die wunderschöne und ausgeschilderte Dällchen West Radtour von 24 km Länge. Sie verläuft größtenteils über Feld- und Radwege sowie wenig befahrene Straßen. Somit ist die Dällchen West Tour die perfekte Tour für Familien.

Einige Hügel sorgen für Abwechslung und belohnen den Radfahrer mit herrlichen Aussichten. Die Dällchen Tour führt durch Ortschaften wie Useldingen, Schwebach, Rippweiler, Everlange, Reimberg und Boevange. Der Startpunkt, sowie die Richtung dieses Radrundweges können frei gewählt werden.

**Distanz:** 24 km


**Schwierigkeit:** mittel

**Fahrradtyp:** Trekking-Rad oder MTB - 22km Asphalt, wegen 2 km schlechten Belages ist ein Rennrad nicht empfehlenswert

**Beschilderung:** an Rad-Kreuzungen folgender grünen Einschub-Plakette ansonsten dem Radweg folgen:



## Dällchen West Tour



## Geocaching

In der Gemeinde Useldingen gibt es 3 Geocaches (Free-Version der App Geocaching) ausfindig zu machen.

## Museum

### Speläologie Museum in Everlingen

In diesem Museum gibt es eine kleine Ausstellung über Speläologie und Mineralien aus Luxemburg. Besichtigung nur mit Führung. Anfragen mindestens 2 Wochen im Voraus beim Groupe Spéléologique de l'Attert via +352 621 76 85 43 oder guyeven@pt.lu.



### Syndicat Intercommunal „De Réidener Kanton“

Caroline Schmit  
Conseillère Pacte Climat

43, Grand-Rue  
L-8510 Redange/Attert  
T +352 26 62 08 01 22  
caroline.schmit@reidener-kanton.lu  
www.klima.lu



Gewässervertrag Attert / Contrat de Rivière Attert

# WAASSER AN DER USELDENGER GEMENG

Wat soen eis nei Gemenge-Responsabel zum Waasserschutz?



**D'Waasserverwaltung setzt op een neien Ëmgang mat Reewaasser. D'Reewaasser soll souwäit wéi méiglech aus dem Ofwaasserkanal entkoppelt ginn. Verdonsten, versickeren an nutzen ass d'Devis. Wéi gétt dat ze Useldeng ëmgesat?**

Mir hunn an deene läschte Joren ee Reewaasserkanal a verschiddene Stroossen an Cité'en leeë gelooss fir esou d'Iwwerflächewaasser aus dem ëmleiede Gringland aus dem Ofwaasser-Kanal ze evakuéieren. Déi nei Lotissementer gi systematesch am Trennsystem gebaut; d.h mat engem Schmotzwaasserkanal an engem separate Reewaasserkanal. Mir hunn och op verschiddene Platzen ee Reewaasser-Réckhaltebecke baue gelooss fir eppes géint déi Iwwerschwemmungen ze maachen, déi duerch de Schloreen verursacht ginn. Technesch ass, menge mir, net méi ze maachen. Trotzdeem ware mir dëst Fréijoer mat Iwwerschwemmungen geheit, esou wéi op ville Platzen am Land. D'Fro ass: wou kënt dat hier?

An eise Bautereglement recommandéiere mir, fir op ausgewisene Platzen eng Beplanzung op d'Flaachdächer ze maachen, sou dat d'Reewaasser besser zrëckgehalen a verdonst ka ginn. Zousätzlech gi mir de Leit ee Subside, wann si eng Reewaasseranlag op hirem Terrain wëllen installéieren.

**Fir d'Waasser ze schützen, duerf säit 2016 op ëffentleche Platzen net méi gesprézt ginn. Engagéiert sech d'Gemeng och doriwwer eras fir den Asaz vu Pestiziden ze verréngeren?**

Mir setze säit Jore keng Pestiziden méi op eise ëffentleche Platzen an. Op eise Foussballterrain'en kënt elo ee Bio-Dünger zum Asaz. Mir passen och dorop op, wéi déi landwirtschaftlech Terrain'en genotzt ginn, déi der Gemeng gehéieren a verpachten déi Lännereie mat der Oplo, dat d'Bauern an de Biodiversitéitsprogrammer matmaachen.

**Wéi ass et mam Entretien vun de Gemengegebaier? Gëtt bei de Botzmëttelen op den Asaz vu Chemikalië verzicht?**

Op Initiativ vun eise Klimateam, hu mir eng Deliberatioun ënnerschriwwen fir just nach Botzmëttelen mat de Labelen „blauer Engel“, „clever akafen“ an „EU Ecolabel“ ze benotzen. Dëst wëlle mir an Zukunft och esou ëmzesetzen.

**Wat gétt gemaacht fir d'Drénkwaasser ze schützen?**

D'Gemeng huet keng eege Quellen an bezéit d'Drénkwaasser komplett vun der DEA (Distribution des Eaux des Ardennes), mee op dem Terrain vun der Useldenger Gemeng wäerten awer Drénkwaasserschutzzone vun der DEA an och vun der SEBES ausgewise ginn.

**Ginn d'Analyse vun der Drénkwaasserqualität reegelméisseg verëffentlecht?**

Jo, op mannst 1x d'Joer an eise Gemegebuet an op eiser Internetsäit.

**Wéi héich sinn d'Fuitten am Drénkwaasserréseau?**

Déi leie bei ënner 5%.

**Wat kascht ee Fudder Drénkwaasser an der Gemeng Useldeng?**

Privatleit bezuelen 2,5 €/m<sup>3</sup> Drénkwaasser an 1,9 €/m<sup>3</sup> Ofwaasser. Dozou kommen dann nach déi fix Taxe fir den Usschluss.



# D'DRÉNKWAASSER AN DER GEMENG USELDENG

L'eau potable dans la commune d'Useldange

- 1 Sëtz vun der DEA:** Hei kënn dat d'Waasser vun de Quellen a vun den 3 Pëtzer un, déi d'DEA exploitéiert. D'Waasser gëtt hei chloréiert. Een Deel geet an d'Veerdeelungsnetz vun der Uertschaft Useldeng iwwert de Waasserbehälter Weidfeld. Deen aneren Deel gëtt a Richtung Eschduerf gepompt, wou et mat dem SEBES-Waasser geméscht gëtt.
  - 2 Waasserbehälter Weidfeld:** E faasst 300 m<sup>3</sup> a beliwvert d'Haushälter vun Useldeng.
  - 3 Waassertuerm Rippweiler:** E faasst 55 m<sup>3</sup>. D'Waasser kënn aus dem Reservoir vum Ditzebierg a gëtt un d'Haushälter vu Rippweiler geliwwert.
  - 4 Waasserbehälter Iewerleng:** E faasst 150 m<sup>3</sup>. D'Waasser kënn aus dem Reservoir vum Ditzebierg a gëtt un d'Haushälter vun Iewerleng geliwwert.
  - 5 Waasserbehälter Schandel:** E faasst 65 m<sup>3</sup>. D'Waasser kënn aus dem Reservoir vum Ditzebierg a gëtt un d'Haushälter vu Schandel geliwwert.
- **Waasserbehälter Ditzebierg:** E läit um Territoire vun der Gemeng Sëll a faasst 600 m<sup>3</sup>. Dëse Behälter kritt d'Waasser vun enger vun de Quellen, déi d'DEA exploitéiert. (cf. Kaart vum Réseau vun der DEA)

## Steckbréif

- > 1 Waassertuerm
- > 3 Waasserbehälter
- > 350 m<sup>3</sup> Waasserverbrauch/Dag
- > < 5 l Verloschter am Waasserreseau
- > 5 km Waasserleitungen
- > 25.000 € Instandhaltungskäschten/Joer

**1 Siège de la DEA:** Ici arrive l'eau des sources et des 3 puits exploités par la DEA. Ici du chlore est ajouté à l'eau. Une partie alimente directement, via le réservoir d'eau Weidfeld, le réseau de distribution de la localité d'Useldange. L'autre partie est pompée vers Eschdorf où elle est mélangée avec l'eau de la SEBES.

**2 Réservoir d'eau Weidfeld:** Contenance de 300 m<sup>3</sup>. L'eau est livrée aux habitations d'Useldange.

**3 Château d'eau Rippweiler:** Contenance de 55 m<sup>3</sup>. L'eau y arrive depuis le réservoir du Ditzebierg et est livrée ensuite aux habitations de Rippweiler.

**4 Réservoir d'eau Everlange:** Contenance de 150 m<sup>3</sup>. L'eau y arrive depuis le réservoir du Ditzebierg et est livrée ensuite aux habitations d'Everlange.

**5 Réservoir d'eau Schandel:** Contenance de 65 m<sup>3</sup>. L'eau y arrive depuis le réservoir du Ditzebierg et est livrée ensuite aux habitations de Schandel.

• **Réservoir d'eau Ditzebierg:** Se situe sur le territoire de la commune de Saeul. Contenance de 600 m<sup>3</sup>. Ici arrive l'eau d'une des sources exploitées par la DEA. (cf. carte du réseau de la DEA)

## Fiche signalétique

- > 1 château d'eau
- > 3 réservoirs d'eau
- > 350 m<sup>3</sup> de consommation journalière
- > < 5 l perte dans le réseau d'adduction d'eau
- > 5 km de conduite d'eau
- > 25.000 € frais d'entretien / an





# D'OFWAASSER AN DER GEMENG USELDENG

Les eaux usées dans la commune d'Useldange

- 1 D'Hauptdrockleitung Roudbaach-Béiwen:** Déi lescht Joren huet de SIDERO een neie Kollektersystem vun der Roudbaach bis op Béiwen/Attert geluecht. Dëse Kollektersystem geet am Fréijoer 2019 a Betrib, soubal déi dräi Pompelstatiounen Roudbaach, Iewerleng an Useldeng faerdeg sinn.
- Useldeng:** Useldeng ass elo schon iwwert eng provisoresch Drockleitung un d'Kläranlag vu Béiwen ugeschloss. An enger nächster Phase gëtt ee Reeniwwerlafbasseng gebaut mat engem Zoulaafkollektier op d'Hauptdrockleitung Roudbaach-Béiwen.
- 2 Mechanesch Kläranlagen zu Rippweiler:** Et ass virgesinn 2019 dës Kläranlagen duerch ee Reeniwwerlafbasseng ze ersetzen an ee Kollektier fir d'Schmottzwaasser ze bauen, deen un d'Kläranlag vu Schwebbech uschléisst.
- 3 Mechanesch Kläranlag zu Iewerleng:** Et ass alles virbereed fir dës Kläranlag ewech ze huelen an d'Uertschaft 2019 un déi grouss modern Kläranlag vu Béiwen/Attert unzeschléissen.
- 4 Reeniwwerlafbecken zu Iewerleng:** Dëst ass een 142 m laange Kanalstauraum ënnert der Strooss mat engem Duerchmiesser vun 1,4 m. Deen entlaascht de Kollektier an d'Kläranlag bei staarkem Reen.
- 5 Mechanesch Kläranlag zu Schandel:** Et ass virgesinn fir an e puer Joer dës Kläranlag durch ee Reeniwwerlafbecken ze ersetzen an ee Kollektier fir d'Schmottzwaasser ze bauen, deen un d'Hauptdrockleitung Roudbaach-Béiwen uschléisst.

## Steckbréif

- > Member am SIDERO. Dëse Gemengesyndikat këmmert sech em d'Kläre vum Ofwaasser souwéi em d'Instandhale vun de Kläranlagen, den Ofwaasserkollektieren an de Reeniwwerlafbassengen.
- > 5 mechanesch Kläranlagen
- > 1 Reeniwwerlafbecken zu Iewerleng an 8 Reeniwwerleef
- > 30 km Kanalisatiounsreseau
- > 215.000 € Instandhaltungskäschten/Joër

**1 La conduite principale Roudbaach-Boevange:** Le SIDERO a posé durant ces dernières années un collecteur allant de la Roudbaach jusqu'à Boevange/Attert. Ce collecteur principal sera mis en service au printemps 2019, dès que les trois stations de pompage à Roudbaach, Everlange et Useldange sont achevées.

**• Useldange:** Useldange est doré et déjà relié, via un collecteur sous pression, à la station d'épuration de Boevange/Attert. Par la suite, un bassin déversoir sera construit avec une connection à la conduite principale Roudbaach-Boevange.

**2 Station d'épuration mécanique de Rippweiler:** En 2019, il est prévu de remplacer cette station d'épuration par un bassin déversoir et de construire un collecteur pour les eaux usées qui reliera la station d'épuration de Schwebach.

**3 Station d'épuration mécanique d'Everlange:** Tout est prêt pour mettre cette station hors service et relier ce village à la grande et moderne station d'épuration de Boevange/Attert.

**4 Bassin déversoir d'Everlange:** Il s'agit d'un canal de rétention posé sous la route, d'une longueur de 142 m et d'un diamètre de 1,4 m. Il a une fonction de réservoir tampon lors de pluie abondante.

**5 Station d'épuration mécanique de Schandel:** Il est prévu, dans quelques années de remplacer cette station par un bassin déversoir et de poser un collecteur pour les eaux usées, qui sera connecté à la conduite principale Roudbaach-Boevange.

## Fiche signalétique

- > Membre du SIDERO. Ce syndicat intercommunal gère la collecte et l'épuration des eaux usées ainsi que l'entretien des stations d'épuration, des collecteurs principaux et des bassins déversoirs
- > 5 stations d'épuration mécanique (fosses septiques)
- > 1 bassin déversoir à Everlange et 8 bassins déversoirs d'orage
- > 30 km de réseau de canalisation
- > 215.000 € de frais d'entretien annuel

HAAPTDROCKLEITUNG  
ROUDBAACH-BÉIWEN

1

# D'DRÉNKWAASSER VUN DER DEA

D'DEA (Distribution d'Eau des Ardennes) ass e Gemengesyndikat mat 29 Membersgemengen a versuergt 65.950 Leit am Norde vum Land mat Drénkwaasser.

Duerch d'Waasserknappheet an den Industrieboom um Enn vum 19te Joerhonnert hunn déi Wëlter d'Initiativ ergraff fir d'Quellen aus der Géigend vu Kaalmes an Iener ze faassen an d'Drénkwaasser an den Norden ze pompelen.

D'Haaptpompestatioun, d'Aarbechtsräim, d'Atelieren an de Magaséng sinn zu Useldeng, eng zweet Statioun steet zu Uewerwampech. Mat Hëllef vun 466 km Réseau, 13 Pompelstatiounen an 20 regionale Behälter, ginn méi wéi 160 lokal Behälter vum der DEA mat Drénkwaasser beliwert.

## Aufgaben a Servicer vun der DEA

Déi éischt Missioun vun der DEA ass, hire Memberen genuch Drénkwaasser mat gudder Qualitéit ze liwweren. Dofir muss de Réseau mat senge Behälter an Installatiounen erhalen a regelméisseg erneiert ginn. Hei wëlle ronn 2.500 Streckeschieber, Ventousen, Systemtrenner, Pompelen a Ventiller Joer fir Joer gepflegt an an d'Rei gesat ginn. 730 Gebäier, Behälter an Schächt mussen gebotzt an ënnerhale ginn.

Dernieft bitt d'DEA hire Membersgemengen technesch Ënnerstëtzung a verschidde Servicer un. Hei kennen d'Gemengen z.B. op de Fuitenwon zréckgräife, wou d'Leit vum der DEA mat hirem Equipement op d'Plaz kommen fir d'Fuute am Réseau ze sichen. Behälterbotzen, Drockprouwen ofhuelen an demnächst och Leitungsinspektiounen mat enger Kamera si weider Leeschtungen fir eis Memberen.

Fir d'DEA ass et besonneg wichteg, de Leit Drénkwaasser mat enger gudder Qualitéit ze liwweren. An de Réseauen vun der DEA an hire Gemengen ginn all Joer 2.000 Prouwe geholl an 170 verschidde Parameter ënnersicht. Fir d'Qualitéit vum Waasser laangfristeg erhalen ze kënnen, ass elo den Dossier vun den Drénkwasserschutzzonen op den Instanzewee bruecht ginn. D'Qualitéit vum Drénkwaasser geet och Hand an Hand mam Ëmweltschutz, wou d'DEA sech an de leschte Joere verstärkt engagéiert, z.B. mat enger ökologescher Stroumproduktion, Hëtzen aus Wasserenergie, nohalteg Offallgestioun a Biodiversitéit.

An Zukunft wäert d'DEA d'Investitiounen am Grondwaasserschutz an am Op- an Ausbau vun enger intelligenter an informatiséierter Gestiou vun sengem Réseau verstärken, fir de Wee a Richtung Drénkwaassernetz 4.0 anzuschloen.

## Steckbréif:


- > 12.700 m<sup>3</sup>/Dag Waasserverbrauch (mat Spëtze vun 19.600 m<sup>3</sup>/Dag)
- > 65.950 Leit an een Dréttel vum Land ginn beliwert
- > 49 Mataarbechter
- > 1,44 Mio. m<sup>3</sup>/Joer aus 3 Pëtzer déi 30% vum Waasserverbrauch decken
- > 1,00 Mio. m<sup>3</sup>/Joer aus 6 Drénkwaasserquellen déi 20% vum Waasserverbrauch decken
- > 2,40 Mio. m<sup>3</sup>/Joer Akaf beim SEBES déi 50% vum Waasserverbrauch decken
- > 20 regionale Behälter mat enger Kapazitéit vun 22.750 m<sup>3</sup>
- > 466 km Wasserleitungen
- > 2,4 Mio. €/Joer Investitiounen an d'Infrastrukturen



Maison de l'Eau  
de l'Attert a.s.b.l.  
43, Grand-Rue  
L-8510 Redange  
T +352 26 62 08 08  
maison.eau@attert.com  
www.attert.com



DEA - Distribution  
d'Eau des Ardennes  
18, rue de Schandel  
L-8707 Useldange  
T +352 23 63 93 55  
info@dea.lu  
www.dea.lu





# L'EAU POTABLE DE LA DEA

La DEA (Distribution d'Eau des Ardennes) est un syndicat intercommunal comprenant 29 communes membres et approvisionnant en eau potable 65.950 personnes dans le nord du pays.

Suite à la pénurie d'eau récurrente et l'essor industriel à partir de la fin du 19<sup>ème</sup> siècle la ville de Wiltz prit l'initiative de capter des sources dans la région de Calmus et Ehner et de pomper l'eau vers le Nord.

La station de pompage principale, les bureaux, les ateliers et les dépôts de la DEA se trouvent à Useldange et un deuxième site est à Oberwampach. Le réseau de la DEA est composé de 466 km de conduites, de 13 stations de pompage et de 20 réservoirs régionaux. A l'aide de ces infrastructures, la DEA alimente plus de 160 réservoirs locaux de ses communes membres, ce qui représente un tiers de la surface du pays.

## Missions et services de la DEA

La première mission de la DEA est d'offrir à ses membres suffisamment d'eau potable de bonne qualité. Voilà pourquoi l'entretien et le renouvellement régulier du réseau avec ses réservoirs et installations sont nécessaires. A peu près 2.500 robinets-vannes, ventouses, séparateurs, pompes et soupapes demandent chaque année une révision et une remise en état. 730 bâtiments, réservoirs et chambres à vannes sont entretenus et nettoyés.

En outre, la DEA propose à ses communes membres, le soutien technique ainsi que divers services comme par exemple la mise à disposition d'un véhicule « détection fuites » avec son équipe, le nettoyage des réservoirs, les épreuves hydrauliques et dans un proche avenir la « vidéo-inspection » des conduites.


Une des priorités de la DEA est la livraison d'eau potable de bonne qualité. Chaque année elle réalise dans ses réseaux et ceux de ses communes 2.000 prises d'échantillons et analyse 170 paramètres divers. Afin de garantir à long terme la bonne qualité d'eau, la mise en place de zones de protection des captages d'eau potable est en cours. La DEA s'engage de plus en plus dans la protection de l'environnement, comme par exemple une production d'électricité écologique, un chauffage par pompe thermique, une gestion de déchets durable et la promotion de la biodiversité.

La protection des eaux souterraines ainsi que la mise en place et l'exploitation d'une gestion intelligente et informatisée constituent les investissements pour atteindre le réseau de distribution 4.0.

## Fiche signalétique

- > 12.700 m<sup>3</sup>/jour de consommation d'eau (avec des pointes de 19.600 m<sup>3</sup>/jour)
- > 65.950 personnes et un tiers du pays livrés par la DEA
- > 49 collaborateurs
- > 1,44 mio m<sup>3</sup>/an de 3 puits couvrant 30% de la consommation d'eau
- > 1,00 mio m<sup>3</sup>/an de 6 sources d'eau potable couvrant 20% de la consommation d'eau
- > 2,40 mio m<sup>3</sup>/an achetés auprès du SEBES couvrant 50% de la consommation d'eau
- > 20 réservoirs régionaux avec une capacité de 22.750 m<sup>3</sup>
- > 466 km de conduites d'eau
- > 2,4 mio €/an d'investissement dans les infrastructures

- Réservoir régional
- Brise-charge
- Source
- Forage
- ▲ Station de pompage



# ZWEI UNTERSCHIEDLICHE SCHICKSALE VON FRAUEN AUS USELDINGEN



## Das traurige Schicksal der Katrin Theis

In Luxemburg wurden im 16. und besonders im 17. Jahrhundert viele Frauen als Hexen angeklagt und verbrannt. Meistens liegt der Ursprung des Verdachts in einem Streit zwischen Nachbarn, im Tod eines Kindes oder Viehs oder sonstigem Unglück.

Im Jahr 1624, mitten im Dreißigjährigen Krieg, findet der Prozess gegen die Useldinger Katrin Theis statt. Hunger und Armut bestimmen den Alltag im Dorf. Die Kirche trägt ihres dazu bei, die Menschen mit dem Tod und dem Teufel, in Ehrfurcht zu halten.

Katrin Theis wurde als Hexe angeklagt, gefoltert, schuldig gesprochen und verurteilt das Dorf zu verlassen. Bevor das Urteil bestätigt und ausgeführt werden konnte, wurde sie tot im Gefängnis der Burg aufgefunden.

(Text: Tafel der Krypta - Didaktischer Rundweg der Useldinger Burg)

## Der Traum der Anne Wolf aus Useldingen

Mrs Francis Kuhn wurde als Anne Wolf 1873 geboren. Ihre Eltern lebten mit den fünf Kindern in einem bescheidenen Bauernhof in Useldingen. Als Kind liebte Anne den Anblick der Useldinger Burg, den sie aus ihrem Elternhaus genießen konnte. Da sie jedoch aus armen Verhältnissen stammte, schien ihr die Welt von Burgen, Grafen und Prinzessinnen weit entfernt und ein Leben als Burgherrin blieb ein Traum.

Wie viele andere Luxemburger, träumten Anne's Eltern von einem besseren Leben in den Vereinigten Staaten, wohin sie 1891 mit ihren Kindern auswanderten. Vor ihrer Abreise soll sie gesagt haben, sie würde wiederkommen und das Wahrzeichen des Dorfes, die Burg kaufen. Nach einer langen Schiffsreise, versuchte die Familie in Pittsburgh eine neue Existenz aufzubauen.

Anne, die sich ab jetzt Emma nannte, heiratete bald den deutschen Auswanderer und Metzger Franck Kuhn. Dank seiner leckeren Wurstrezepte erlebte Frank Kuhn mit seiner Ehefrau den American Dream und brachte es zu Wohlstand.

Emma hatte ihren Kindheitstraum noch nicht vergessen als sie 1923 mit ihrem Ehemann auf einer Europareise ihr Heimatdorf Useldingen besuchte. Sie war in der Zwischenzeit Mutter von sieben Kindern und eine starke Frauenrechtlerin, die sich über jegliche Ehrfurcht vor Adelsständen hinwegsetzte. Emma kaufte die über Jahrhunderte stark in Mitleidenschaft geratene Burg, die eher einer Ruine ähnelte, vom damaliger Besitzer, dem Grafen von Ansembourg ab. Die Restaurierungsarbeiten, die die Burg vor dem Zerfall bewahren sollten, starteten zusammen mit dem Aufbau des zerstörten Herrenhauses in der Burg. Dieses wird nach dem Vorbild amerikanischer Vorstadtvillen wieder aufgebaut.

1934 waren die Bauarbeiten endlich abgeschlossen und Emma wird in ihrem Pontiac von ihrem Fahrer direkt vor ihr neues Domizil gefahren. Mit ihren weißen Handschuhen und ihrem schicken Hut hätte sie ohne Probleme als die neue Gräfin der Useldinger Burg gelten können. Ihre Badewanne war die erste im Dorf!

Kurz vor dem Ausbruch des zweiten Weltkrieges verlässt sie Luxemburg und kommt erst 1946 wieder zurück. 1954 stirbt die „Dollarmatti“ im Alter von 81 Jahren in den USA.

(Quelle: Wortex N°21 Februar 2017 - Inna Ganschow)











# HOLA GRINGGO!

## MIR STELLEN EIS (VIR)!







## Gringgo s.c. Bewusst handeln am Westen!

De „Branding“ gouf net vun eiser Regierung an der Stad erfondt. Schonn am Wëlle Westen hunn d’Cowboyen hir Ranner duerch „Branding“ markéiert. Logesch, dass de Lëtzebuerger „Wëlle Westen“ elo och säi Branding kritt: Gringgo s.c soll eis Regioun an hir Acteuren dobäi ënnerstëtzen!

De Réidener Kanton huet sech mat sengem onermiddleche Pionéiergeescht een Numm gemaach als eng nohalteg, vereinfacht gesot, „gring“ Regioun. Vun där Stärkt gëllt et ze profitéieren a vereent zu eise Gonschten ze vermaarten. Gringgo wëll alle Client’en a Visiteuren aus dem ganze Land an aus der Groussregioun folgende Message an de Kapp brennen:

### „Dat nohalteg Angebot fannt Dir am Westen!“

Wéi de Slogan „Bewusst handeln am Westen!“ et undeit, geet et bei der Kooperativ Gringgo ëm dat nohalteg & fairt Handeln (Geschäfte, Servicer, Tourismus, Kultur) am Réidener Kanton. Si besteet aus engem nei g grënnte Netzwierk u sozialen an/oder ëmweltbewusste Betriber, Déngschtleeschungen an (Kultur-) Veräiner, esou wéi och aus engagéierte Verbraucher.

Mir nennen eis ganz keck Gringgoen, wéinst eisem Doheem „dem Wëlle Westen“. Eist Leitmotiv: Go fir Gring! Mir leeën eis Zäit, Energie & Budget zesumme fir a punkto Wirtschaft vum Trab an de Galopp ze kommen.

## Op der Sich no Iech!

Mir sichen engagéiert Betriber, Servicer a Veräiner aus eiser Regioun mat engem sozialen/ëmweltbewossten Angebot (Handel, Service, Handwierk, Restauratioun, Kultureventer, Tourismus,...), déi eisem Netzwierk bäitrieden, sief et als Participant, dee vun de Gringgo Déngschtleeschunge profitéiere kann oder als Koopérateur, dee mat enger oder méi Parten an d’Kooperativ investéiert.

## Wat kascht et a wat kréien ech?

### Koopérateur:

D’Fongen, déi iwwer d’Parte gesammelt ginn, dat sinn aktuell 24.400 €, erlabe geplangte Gringgo Déngschtleeschungen an d’Realitéit ëmzesetzen. Eng Part kascht 400 €/Beki a kann iwwerwisen oder a Beki bezuelt ginn.

Wëll de Koopérateur vun de Gringgo Déngschtleeschunge profitéiert, kritt en eng Remise vu 15% op alle Packages, muss awer dann déi selwecht Kritären erfëllen ewéi de Participant.

### Participant:

All Participant, dee vum Gringgo Angebot (Mediapackages, individuell Marketing Servicer, ...) profitéiere wëll, muss:

- De **Sëtz an der Regioun Atert-Wark** (Kanton Réiden, Gemeng Mäerzeg) hunn
- **„Gringgo Fit“** sinn a mindestens **2 Stärren erreechen**; „Gringgo Fit“ ass eng vun eis ausgeschafften Evaluatioun, déi är Aktivitéit(en) analyséiert a mat Gringgo Stärre priméiert. Wat Dir der méi hutt, wat Dir méi Gringgo sidd. Stärre kritt een z.B. wann een erneierbar Energie benotzt, Mënche mat Behënnerung beschäftegt, Beki hält, fair gehandelt an ëmweltfrëndlech Produiten verkeeft.

## De WWW an de Wëlle Westen!

Den Internet kann eng grouss Chance fir ländlech Regiounen sinn. Betriber mussen sech net an de Ballungszentren usidelen, fir um Weltgeschehen deelzehuelen. Anerersäits steet duerch den Internet awer all Regioun an direkter Konkurrenz zu all anerer Regioun vun dëser Welt. Do heescht et also opfalen an duerch e schlaue Regionalmarketing ee kloere Message un d’Leit senden.

An et heescht, net fäerten, net aknécke virun der Konkurrenz vun Amazon a Co, mä anescht positionéieren fir matzehalen! Net onbedéngt besser sinn, mä de Courage hunn nei Weeër ze goen an anescht ze sinn! Ebe Gringgo sinn.

### Ee W ass de Lasso!

www.gringgo.lu gëtt an deenen nächste Méint realiséiert a geet an enger professioneller Opmaachung spéitstens den 1. Januar 2019 online.

Et gëtt drem fir mat eisem Lasso Clienten innerhalb an ausserhalb vun eiser Regioun iwwer d’Netz an de Westen ze zéien. Cibléiert gi Verbraucher & Betriber, déi Wäert op ëmweltfrëndlech a fair Produkter & Déngschtleeschunge leeën.

### Ee W ass d’Werbung

Et geet drëms d’Efforten ze bündelen: Amplaz dass all Betrib oder Organisatioun eenzel d’Clienten op säin nohalteg Angebot opmierksam mécht, sollen d’Clienten sech just nach mussen den Numm „Gringgo“ als Label vum Wëlle Westen verhalten. A vun do aus ginn si da bei déi verschidde Betriber an Organisatiounen weidergeleet.

Ausserdeem hu jo déi mannste Betriber ausschliisslech „gring“ Offeren, sou dass et fir si net vill Sënn géif maachen, hir Kommunikatioun op Nohaltegkeet ze fokusséieren. Via Gringgo kënnen hir „gring“ Offeren dann trotzdeem als solches geziilt vermaart ginn an déi entspreichend Zilgrupp uschwätzen, sief dat via www.gringgo.lu, Social Media oder d’Press.

### Ee W ass „Well ech keng Zäit hunn“

Eng kontinuéierlech & professionell Präsenz an de Social Medias, Press, Foiren an aner geziilte Veranstaltungen ass wichteg, awer wien huet schonn Zäit an och de néidege Budget? Duerch d’Ausschaffe vu geziilte Gringgo Déngschtleeschungen wëlle mir dat iwwerhuelen an eis ALL esou méi effektiv um Marché präsentéieren.



## Gringgo Fit Beispill

- > Dir verkaaft een oder méi fair gehandelt/  
ëmweltfrëndlech Produiten ★
- > Dir geréiert äre Betrib ëmweltbewosst  
(Ekolabel, Superdreckskeesch ... ) ★
- > Dir verbraucht erneierbar Energien  
(Stroum, Biogas, Reewaasser ...) ★
- > Dir beschäftigt Mënsche mat enger Behënnerung ★
- > Dir schafft mat anere regionale Betriber zesummen ★
- > Dir huet Beki ★



## 6 Stären! Yeeehaaa!

### Dir gitt Sheriff vu Gringgo

Dës Bestandsopnam, déi vun eisem Mataarbechter bei Iech duerchgefouert gëtt, erlaabt et fir äre Betrib oder Aktivitéit „sur place“ ze gesinn an Iech kennenzelieren. Nëmme esou kënne mir Iech -, de neie Gringgo, och richteg an éierlech dobausse vermaarten, resp. all seng Méi an Engagement an d'Vitrinn stellen. Et erlaabt eis och fir Iech besser ze beroden, wéi Dir mat méi oder manner Opwand mat nach méi Stären ausgezeechent kënnt ginn. Dëse Bewäertungssystem soll permanent zesumme mat eise Membeeren adaptéiert a verbessert ginn.

#### Einfach, kloer an transparent fir de Client

Dës Stäre ginn deene Clienten, deenen ee Konsum am Respekt vun eiser Ëmwelt an eise Matmënsche wichteg ass - an därer ginn et der ëmmer méi - eng einfach an iwwersichtlech Orientéierung. An zwar net nëmme, ob ee Produkt ethesch korrekt ass, mä och ob ee Betrib sech Méi gëtt, ethesch korrekt ze handelen.

Well, fir et emol plastesch ze soen, een Handwierksbetrib dee jo wuel kee Bio-Fairtrade Kaffi a sengem Angebot huet, dofir awer grénge Stroum notzt, seng Mataarbechter korrekt behandelt, ...bref, säi Bäitrag zu enger besserer Welt leescht: dat ass fir vill Clienten awer wichteg ze wëssen.

An am plaz datt de Konsument seng Zäit dermat verbréngt, sämtlech Inhaltsstoffe vun engem Produkt ze studéieren, d'Labelen ze recherchieren, asw, gesäit hie ganz einfach: Ok, 5 Stären - dohinner gi mir akafen!



**Sarah Özen**  
Gringgo

„Wéi ech (zu Useldeng) an der Spillschoul war, huet mäin Brudder een Naturschutzclub gegrënnt, vun deem meng Schwester an ech Member waren. Eis Ëmwelt a Matmënschen, Respekt virun Natur a Mënsch, ee sozialt Zesummeliewen an Zesummenhalt hunn mech ëmmer scho begleet a si mer enorm wichteg. 2013 hunn ech mat e puer Frënn d'Kolla a.s.b.l. gegrënnt, déi säit deem am August de Kolla Festival zu Stengefort organiséiert - ee Festival wou Ëmweltbewosstsinn a sozial Kohäsioun groussgeschriwwe ginn. Ech wollt och weiderhi mat deem wat ech maachen a wou ech mech investéieren eppes bewierken.“

Gringgo encouragéiert Acteuren an der Wirtschaft esou wéi Konsumenten, méi fair, méi ëmweltbewosst, méi sozial ze handelen, vernetzt Mënschen a stäerkt soumat eis Regioun. De wëlle Westen kann sech weisen a vun eiser Regioun kann sech de Rescht vum Lëtzebuurger Land eng Scheif ofschneiden.“



**Max Hilbert**  
De Kär

„No bannen zesummenhalen, no baussen opfalen. Esou kann ee Gringgo resuméieren. An dëst gëtt an eiser schnellieweger Zäit an globalisierter Welt ëmmer méi wichteg. An ob een sech elo als „gring“ géif bezeichnen oder

net; mir hunn de Ruff vun enger nohalterger Regioun, also loosst eis eppes draus maachen.“

\* D'Aarbecht fir d'Bestandsopnam, d'Analyse an d'Bewäertung: Pauschalpräiss 150 €/Beki htva





**Julia Schrell**  
Op der Schock

„Seit 17 Jahren lebe ich nun im „Wilden Westen“ von Luxemburg, einer Region, die ich mir zum Leben und Arbeiten ganz bewusst herausgesucht habe, da sie für mich als besonders innovativ und aufgeschlossen gilt

und mich ihre Landschaft und Naturschönheit begeistern.

Und hier haben Menschen den Mut, die Kreativität und das Wissen, neue Wege zu gehen, und dies ganz besonders im Bereich der Nachhaltigkeit.

8 Jahre durfte ich an der Seite von Camille Gira arbeiten, von ihm lernen und mit ihm immer wieder neue Projekte erarbeiten. Sein Optimismus und sein Tatendrang haben mich geprägt und mir Mut gemacht. Nun gilt es, sowohl sein persönliches Erbe als auch die vielen anderen Produkte und Ideen unserer Region weiterzutragen und zu fördern, indem sie in einer modernen und zeitgemäßen Form gebündelt, beworben und der Bevölkerung noch besser zugänglich gemacht werden. Dafür stehe ich und dafür steht Gringgo!“



**Ingrid van der Kley**  
Art&Wise

„Eis Agence Art&Wise zu Biekerech gëtt et elo schonn zanter de 90er Joren, a wor déi éischt hei an der Region. Deemoos gouf se gegrennt, well eng Hellewull un Aktiounen am Kanton an d'Liewe geruff

goufen, déi och no baussen hin hu misste professionell publizéiert ginn. Sou koum et, dat mir eis iwwert d'Joren, besonnesch am Beräich Nohaltegkeet, konnte spezialiséieren an déi meescht Aktiounen a Betriber hei aus der Region vun Ufank un konnte begleeden a mat opbauen. Am Laf vun de Joren hu mir, wéi vill aner Betriber och, zolidd Héichten an Déiften erlieft, ënner aanerem och well mir «ze wäit vum Schoss sinn». All Dag ass eng nei Erausforderung fir och an Zukunft kënnen z'existéieren. Mir sinn ofhängeg vum Zesammenhalt an der Region! Eis Déngschtleeschungen an Erfahrungen an de Beräicher Grafik, Kommunikatioun a Marketing sinn deemno e wichtige Bestanddeel vun dëser Kooperativ, fir dat Gringgo en Erfolleg ka ginn. Art&Wise ass deemno Kooperationspartner bei Gringgo ginn, an hofft, dat nach vill aner Betriber nozéien.“



**Paul Kauten**  
Eida

„Fir mech soll Gringgo eppes ginn, wéi eng permanent Oekofoire oder e gringen Amazon. Als Konsument weess ech dann, wou ech an der Géigend ëmweltfrëndlech a sozial gerecht Produkter fanne kann. Als Betrib, kréien

ech vu Gringgo gehollef meng ëmweltfrëndlech Produkter a Servicer an der Géigend an doriwwer eraus bekannt ze maachen an ze weisen. Doduerch kréien d'Acteuren an alle Beräicher, op Energie, Handel, Handwerk, Servicer, Kultur, Tourismus a Soziales gehollef sech positiv weider ze entwéckelen an d'Géigend als ganz ze stäerken. Mat deem positiven Image deen déi ganz Géigend speziell am Beräich vun der Nohaltegkeet schonn huet, dem Pionéiergeescht an dem Dynamismus vun de Mënschen, déi hei wunnen, ka Gringgo ee ganz wäertvolle Baustee ginn.“

### **Gérard Scheuer** - Bricowelt/GScheuer

„Als geléierten Elektrikermeeschter sinn ech zënter 30 Joer selbststänneg am Handwerk an am Commerce tätig. Mäi Betrib G.Scheuer S.à.r.l. gouf 1989 am Süde vum Land gegrennt an ass am Joer 2010 op Uewerpallen geplënnert, wou ech de Betrib an eis Quincaillerie an engem renovéierte Bauerenhaff ënnerbruecht hunn. De Wëlle Westen huet mech ugezu well ech hei meng Aarbechtspolitik a Richtung Nohaltegkeet an ëmweltfrëndlech Bauen a Schaffe beschtens konnt ausbauen.

De Label vun der Superdreckskeesch hate mir scho ganz fréi an eisem Betrib agefouert.

2011 sinn ech dem ClimEEC als Comitésmember bäigetrueden an hunn domat eng Positiv Erfahrung gemaach mat aneren energeteschen an ëmweltfrëndleche Materialien.

Zenter 2012 huet eise Betrib de Passivhauszertificat an Energie fir Zukunft Label.

2014 gouf de Commerce erweidert am Beräich vum Verkauf vun nohaltege Produkter.

2015 huet eis Firma un engem 1. Projet vun Energie Eegeversuergung deelgeholl an am selwechte Joer ee KNX Energieeffizienzpräis gewonnen als bescht Energiekonzept an engem Eefamilljenhaus zu Lëtzebuerg.

2016-2017 hunn mir 2 Projekte vun Energie Eegeversuergung zu Lëtzebuerg realiséiert a sinn domat ënner de Pionéier zu Lëtzebuerg. Eise Betrib produzéiert och selwer Energie an ass domat CO<sub>2</sub> neutral am Energiebilan.

De Wëlle Westen erméiglecht eisem Betrib, duerch déi einfach an net komplizéiert Prozeduren hei am Kanton, eist Wierken a Punkto Nohaltegkeet ze realiséieren. Hei am Westen konnte mir eis Aarbechtspolitik ëmmer méi an d'Richtung vun nohaltege Denken an ëmweltfrëndleche Bauen orientéieren an zielen haut zu Lëtzebuerg zu deenen erfuerenste Betriber an dësem Beräich. Mat eisem Bäitritt zum GRINGGO gi mir elo nach ee Schrëtt weider an des Richtung.“

### **Iwwregens ... wee si mir?**

Kooperationspartner  
vu Gringgo s.c. sinn:

- Energipark s.a.
- GScheuer s.à.r.l.
- Vun der Atert s.c.
- Art & Wise s. à r. l.
- Autisme Luxembourg a.s.b.l.
- ClimEEC a.s.b.l.
- Den Daachdecker s. à r. l.
- de Kär a.s.b.l.
- Eida s.a.
- Pall Center s.a.
- Op der Schock s.c. / a.s.b.l.
- Réidener Energieatelier a.s.b.l.
- Studio E s. à r. l.

Donieft sinn och 6 Privatleit an eiser Gringgo Gang.

### **Gringgo Leader?**

De Leader-Grupp Atert-Wark (www.aw.leader.lu) huet et erméiglecht, dat eis gemeinsam Iddien an d'Realitéit konnten ëmgesat ginn. Eisen Dossier gouf vun hinnen als sënnvoll deklaréiert an eng finanziell Hëllef accordéiert. Eng Starthëllef vu 60.000 € huet et eis erlaabt, ee „Kümmerer“ anzustellen: D'Sarah!

Mir hunn eis op d'Sich gemaach no enger Persoun déi eis Region kennt, déi eis Philosophie deelt an och lieft, déi nei Gringgoen opdreift, de komplette Projet vun Null un opbaut, vill Sproche schwätzt, sech an de Medien auskënn...jee eng Spéngel am Heekoup! Mir hunn se awer fonnt: D'Sarah Özen ass offiziell den 1. Abrëll 2018 fir Gringgo agestallt ginn!



**Gringgo**  
6, Jos Seyler Strooss  
L-8522 Beckerich  
T +352 671 025 650  
info@gringgo.lu  
www.gringgo.lu





# ZEFRIDDEN TEENAGER? CHECK! MEGA SUMMER AM TREFF ZU RÉIDEN

Grenziwwerschreidende **LEADER-Projet ARTour**:  
Réckbléck Sommervakanz ... Am Treff wor et nees mega flott.  
D'Éducateure waren erëm ganz kreativ an hunn hir Teens matgerappt ...

## Kreativ an der Bretagne

